Akzent hat, du huet si mech gefrot, ob ech eng Auslännerin wir. Wéi ech doropshin geäntwert hun, ech wir Lëtzebuergerin, dun as de Kaméidi lassgaang. Si wëllten näischt mat Auslännerpak ze din hun. Ech hat schons gehofft, si génge mech nët halen, ma et war de Konträr. Ech hun de Restaurant an d'Zëmmere misse botzen, de Geessestall mëschten, an déi 3 Geesse sträichen. Den Opa huet mech ugestallt op engem Handweenchen d'Äschen op den Tipp ze féieren, an dat duerch 30 cm héige Schnéi. Wéi et de Bierg aus gong an ech nët méi weiderkoum, huet hie gebrëllt: „Du Sauweib, wenn du nicht weiter machst, schlag ich dir den Stab auf dem Buckel kaputt!" An der Tëschenzäit as et esou lues Mëtteg gin, an ech hu missten den Dësch decken. Mir waren zu fënnef: den Opa, d'Oma, d'Meedchen, wou de Mann Zaldot war, d'Kand Brigitte an ech. Ech hun also fënnef Telleren op den Dësch gesat. Ech hun zerwéiert, a wéi et u mech komm as, huet d'Oma d'Spullbitche geholl, ënnert d'Waasser gehal a mir e Stéck schankecht Geessefleesch mat enger Pellkartoffel op e klengen Dësch laanscht d'Mauer gesat. Dat war also méng Plaz, an ouni Teller. Heemlech hun ech méng Tréinen ofgeschléckt an ech hun un eisen uerdentlech gedeckten Dësch doheem geduecht. Ech war frou, datt méng Elteren nët gesin hun, datt ech esou erniddregt gouf.

Dat as e ganze Mount esou weidergaang. Du koum déi zweet Plaz. Dat war bei dem Bauer Faltz. Déi Leit ware ganz anstänneg. Si haten e Jong, deen am Krich war. Hei hun ech zesumme mam Iwan, engem Russ vu 15 Joer, deen aus séngem Land verdriwwe gi war an deen duerno an d'Kränkt gefall as, Steng um Feld geraaft, Grompere fir ze setzen an enger Kaul gesënnert; ech hun och misste flécken an all Aarbecht maachen, déi sech presentéiert huet. D'Frau Faltz war duerch de Krich duerchenaner komm an duerfir as de Kascht och deemno ausgefall. Emol as et eppes gin, déi aner Kéier näischt, an op déi Manéier as dee Mount eriwwergaang.

Duerno koum ech bei Burck, dat war also méng drëtt Plaz. Et war eng kleng knaschteg Wiirtschaft, déi fofzéng zwangsverpflicht Fransousen, déi niewendrun an enger Drootfabrik geschafft hun, als Kaschtgänger hat. Elei hun ech d'Wiirtschaft gebotzt an den Uewe frësch ugefaang. D'Kuelen hun ech aus engem Schapp hannen an der Wiss geholl. D'Kollerawen an d'Grompere sin hannert dem Haus an enger Bitchen am Schnéi gewäsch, an duerno gekacht an zerwéiert gin. Dat war fir dee Mount méng Aarbecht. Duerno sin ech an d'Gärtnerei Grimm komm. De ganzen Dag as repikéiert, d'Kautsch geplanzt an d'Pied propper gehale gin. Et sin och Kränz geflecht a Steng geraaft gin. Freides sin d'Haus an de Buttek gebotzt gin: dat war méng Aarbecht op ménger véierter Plaz. De fënnefte Mount koum ech bei de Bauernführer Pückert. Do hun ech an de Boyko, en anere Russ, Mëscht gelueden an d'Ställ gemaach. Ech hun nëmmen dobaussen an am Stall geschafft. Et war e gutt Kaschthaus, well si hun ëmmer schwaarz geschlu-